## Deklaratioun

Här Buergermeeschter, geéierte Gemengerot,

Als Gemengeconseilljee froen ech op dësem Punkt d'Wuert, fir dem Péitenger Gemengerot an der Péitenger Wielerschaft, eng Deklaratioun ze maachen.

De 9. Mäerz 2017 huet meng Memberschaft an der Alternativ Demokratescher Reformpartei (ADR) aus politeschen a perséinleche Differenzen, fir net ze soen, politeschem Parteikrich, offiziell gëendegt.

No mengem zäitweilege Status als onofhängege Conseilljee, ass elo den 21. Mäerz d'Parteigrënnung vun déi Konservativ erfollegt, där ech als Grënnungsmember an Nationalpresident vir stinn, a woumat ech mat effet immédiat d'Missiou hunn, d'Partei op lokalpoliteschem Plang ze vertrieden. Dëst huet och zur Folleg, datt all d'Komissiounsämter nei verdeelt ginn.

Ech wëll Iech matdeelen, datt ech getrei menger politescher Aufgab a Beruffung, déi d'Wielerschaft vun der Gemeng Péiteng menger Persoun de 9. Oktober 2011 uvertraut huet, mäi Gemengerotsmandat konsequent weiderféieren, an am beschte Wëssen a Gewëssen ëm meng politesch Missioun an am demokratesche Respekt zu mengem geleeschten Eed, mech weiderhin an den Déngscht vun eise Bierger an eiser Gemeng stellen. Ech wäert och weiderhin, mäi Bescht ginn fir d'beschtméiglech Kontinuitéit vu menger jorelaanger politescher Aarbecht, an elo op Basis vu menger neier Partei, a wäert gedenken, souwuel menge fréieren ADR-Wieler, wéi och déi Konservativ an all Anerem, gerecht ze ginn.

Dës Deklaratioun ganz am Sënn vun optimistescher Gewëssheet iwwert d'Treiheet, d'Loyalitéit an d'Ënnerstëtzung vun all menge Compatrioten.

**Joe Thein**

Gemengeconseilljee